CANTON DE REMICH

# PROGRAMME-SOUVENIR

de la

## VISITE OFFICIELLE

de LL. AA. RR.

Monseigneur le Grand-Duc JEAN

Madame la Grande-Duchesse JOSÉPHINE-CHARLOTTE

DIMANCHE 13 JUIN 1965

À REMICH

# Proclamatio'n

Den 13. Juni 1965 erliewen d'Stâdt an de Kanton Re'mech d'Officiell Visite

*vu S. A. R. dem Grand-Duc JEAN*

*an S. A. R. der Grande-Duchesse JOSEPHINE-CHARLOTTE*

D'Burgermäschteren vum Kanton invite'eren heimatt d'Populatio'n, deser patriotescher Manifestatio'n, de' d'Unhänglechkét vun der Stâdt an dem Kanton Re'mech un e's Herrscherhaus zum Ausdrock brenge soll, beizewunnen.

*Hei kurz de PROGRAMM:*

*14.45 Auer:*

Entrée an de Kanton Re'mech duerch Trentengen-Bous.

*15.00 Auer:*

Begre'ssong vun dem Grand-Duc an der Grande-Duchesse virun der Kirch duerch de Schefferôt an den Här Distriktskommissär, a Präsenz vun den Hären President vun der Chamber, Membren vun der Regierong a vun der Commission Gouvernementale.

Blou'men gin um Monument aux Morts niddergeluet.
Sonnerie aux Morts.

*15.30 Auer:*

Officiellen Empfang virun der Tribune um Muselquai duerch d'Stâdt an de Kanton Re'mech, a Präsenz vun den Depute'erten, de Burgermäschteren a Conseilleën vun der Stâdt Re'mech, de' do och den AA. RR. virgestallt gin.

Usproch vum Burgermèschter vun der Stâdt Re'mech.

Als Souvenir un desen Dâg gin dem Grand-Duc an der Grande-Duchesse e Cadeau iwerrécht. De Grand-Duc an d'Grande-Duchesse önnerzächnen d'Livre d'Or vun der Stâdt Re'mech. Gedichter iwer de Wein gi virgedroen vu Scho'lkanner aus dem Kanton.

D'Chorale Sainte Cécile vu Re'mech sengt e letzeburger Volleksle'd.

Défilé vu Schëffer aus aler an neier Zeit op der Musel.

*16.00 Auer:*

LL. AA. RR. gin zu Fo'ss an d'Hôtel de Ville, wo' d'Réceptio'n vun den Inviteën erfollegt.

*16.30 Auer:*

Ovatio'n vun der Populatio'n.

D'Vereiner aus dem Kanton sin invite'ert én Delegatio'n vun zwé Membren mam Fändel ze delege'eren. – D'Scho'lkanner stellen sech op lanscht de parcours: Muselquai, Place du marché, Entrée zum Hôtel de Ville.

*Vive de Grand-Duc Jean!*
*Vive d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte!*

*Re'mech, den 3. Juni 1965.*

*D'Burgermäschteren vum Kanton Re'mech:*

ALTWIES Joseph, Remich
BORNHOFEN Guill., Greiveldange
DIDIER Jean-Baptiste, Dalheim
HALL Ernest, Assel
HOSS Joseph, Trintange
KAYSER Joseph, Burmerange
LINSTER Jean, Mondorf
RAUEN Jean, Canach
RUPPERT Albert, Schwebsange
WEBER Norbert, Remerschen



CULMINA VILLARUM PENDENTIBUS EDITA RIPIS
ET VIRIDES BACCHO COLLES ET AMOENA FLUENTA
SUBTER LABENTIS TACITO RUMORE MOSELLAE.

Decimi Magni Ausonii «Mosella»

# Wëllkomm!

Wëllkomm elei op éiser Musel,
Wou d'Rief nach ëmmer dofteg bléit,
Wou d'Wënzer gäre fläisseg schaffen,
Fir datt de Stack sein Drauwe kréit.

Wëllkomm elei op éiser Musel,
Wou d'Waasser matt de Schëffer spillt,
Wou d'Fëscher sech bäim Patt begéinen,
De Wënzer goude Weinchen zillt.

Wëllkomm elei op éiser Musel,
Wou d'Häerz vum ganze Ländche schléit,
Wa mir éis Feste äerdeg feiren
An d'Fräd éis Frënn op Réimech zéit.

Wëllkomm elei op éiser Musel,
Wou d'Wéi vu ville Grofe stung,
An d'Schicksal vun dem klene Ländchen
Ganz dack um Seide Fuedem hung.

Wëllkomm elei op éiser Musel,
Well, Monseigneur, mir hun Eech gäer,
An Eech, Madame, op kä Fall manner,
Dir séid a bleift dem Land säi Käer.



# Dem Buergermäaschter sein Ried

Altesses Royales,
Dir Dammen an dir Hären,
Léif Mattbierger!

Haut op disen 13. Juni 1965 feiere mir elei zu Réimech dat gréischte Familiefescht, dat mir säit Joeren haten. Déi Réimecher, an d'Leit aus dem ganze Kanton, sin haut tatsächlech ewéi en grouss Famillech, an där se all op de Bän sin, fir eis héchscht a würdegst Famillech aus dem Land, Eech, Monseigneur, an Eech, Madame, ze empfänken.

Als goude Familiepapp wor Aren éischte Gest, e Kranz fir d'Helden an d'Martyrer op dem Monument aux Morts nidderzeleën. D'Stådt Réimech, a mir Bierger, féilen is fir déi Unerkennong geéiert. Disen ergräifende Moment soll e Bewäis sin, datt Déi net vergäess sin, déi hir Liewen an hir beschte Kräften fir d'Freihät an d'Heemecht geaffert hun. Dat soll och fir d'Familien en Trouscht sin an en Trouscht bleiwen.

Altesses Royales,

Dir stéit elei an der Mëtt vum letzebuerger Wäibau. Vun denen 1200 Ha Wéngerten, déi mir haut hun, stin der net manner ewéi 700 am Kanton Réimech. Vun dene 6 grousse Kellereigenossenschaften, hu mir der 4 an éisem Kanton. Doniewent as och de Privathandel nach ganz wichteg an hält op Fortschrëtt.

En aparte Verdéinscht ëm éis Winzer hun ouni Zweifel d'Produzenten vu Champagner-, Drauwen- an Uebschtsaaft. Säi schaffen wiirklech fir all Goût.

Wann de Fortschrëtt am Wäibau haut esou an d'Ae spréngt, dann as dat vill éise Virfueren ze verdanken. Mir hun Zeien, datt de Wéngert zu denen éischten Kulturen an éisem Land gehéiert huet. Ech erënneren nëmmen an d'Réimer, un den Dichter Ausonius aus dem 4 ten, an den Venantius Fortunatus aus dem 6 ten Joerhonnert. Séi allen zwéin hun an hiren Haaptwäerker op de Wäin vun éiser Musel higewisen. Esouguer d'Friture vu Muselfësch wor du schons bekannt, wann än hinne ka glewen. Durno sin d'Kléischter an d'Fürsten Här op der Musel gin, a lues a lues koumm éis Zeit vum

moderne Wäibau. Éis Schoulkanner wäerden hernochent den éloge vun allen Sorten Wäiner machen.

Monseigneur, Madame, léif Letzeburger,

Mir sin houfreg, datt d'Fiedem vun bal allen Wäibauorganisatiounen an der Rief- an Wäibaustatioun zu Réimech zesummelafen, an datt e Projet bestät fir en Wäibauschoul anzeféiren.

Och de Baurestand as an all dene Joerhonnerten am Kanton Réimech um Dill gewiescht. Iwrigens gehéiren éis Winzer jo esou wéi sou zu de Baueren, weil säi och dem Buedem hir Kuuscht mussen ofgotzelen. De Wënzer, de Bauer, an de Wënzer-Bauer sollen dofir zesummeschaffen fir dat deeglech Brout an de Wäin, als Sege vum Buedem.

Monseigneur, Madame, léif Mattbierger!

Wat hautdesdaags am Kanton Réimech net vergäess därf gin, dat as déi Industrie, déi de Muselkanal is bal nei geschenkt huet: den Tourismus zu Land an um Waasser. Mir zu Réimech sin am Fong schon säit Joerzéinten domatten verwuess, mäi déi nei Entwecklong matt dem Ausbau vun éiser Route du Vin, éiser Esplanade, éiser Schëffaort, dem Waassersport am allgemenen, an déi international Unerkennong vum Staatsbad Mondorf mat seim prachtvolle Park an dem modernen Schwammbassin, grad esou ewéi den neie Camping an d'zukünfteg Piscine um Gréin zu Réimech, dat sin Trëmp, déi an éisen Zäiten Millounen wäert sin oder gin.

Dir gleeft et viläicht net, mä Réimech läit elo praktesch un der Nordsee an um Mëttelmier. Bis op den Hafen Hoeck van Holland sin et 550 Km, bis op Marseille ronn 1000 Km Schëffsstrooss, déi vun Réimech aus zu befueren sin.

Monseigneur, Madame,

Dir kommt just an em Ament op d'Musel, wou den Dall bal am schéinsten as. D'Wëngerte leiën do, wéi echt Teppecher, déi frësch opgekämmt si gin. Nach e puer Deg an d'Drauwebléi as am Gaang. Dann zéit de wonnerbaren Doft duerch den Dall an all Sonn muss den Drauwen zu goud kommen. Et soll e goude Wäin gin.

Dir séid fir is, watt d'Sonn fir t'Wëngerten as: en Hoffnung op en schéin, fridlech a sëcher Zukunft.

Mä och d'Vergaangenhät zielt!

Säit éis Land onofhängeg as, woren nach all regierend Fürsten elei zu Réimech op Besuch.

All Kéier, wa Réimech grouss Fräd oder grouss Läd hat, woren éis Herrscher do, fir de Bierger Courage ze maachen. Ech erënneren nëmmen un déi Besucher bäi den Iwerschwemmungen, speziell un déi Joeren 1947 an 1955, wéi éis Grande-Duchesse Charlotte an de Prënz Félix mam Naachen duerch déi iwerschwemmte Gaassen vu Réimech gedaut gi sin.

Un Eech, Monseigneur, erënnere mir is nach goud vun 1939, wéi Dir matt Ären Eltern, op där selwechter Plâtz elei, d'Festlechkäten vun der Onofhängegkätsfeier materlieft huet. Mä déi Ke'er, wéi Dir 1945 matt dem lëtzebuerger Bataillooun als Leutnant, ënner Ärem Papp als Generol, iwer d'Bréck marschéiert séid, dou hun se am ganze Kanton vum Kiischebranntwäin geschwat an zwar dat elei:

Dir sollt grad beim Stadhaus an den Auto klammen, dou huet e goude Réimecher Bierger Ärem Papp en Fläsch Kiischebranntwäin geschenkt a sot zu him: «Här Félix, dise Liter, den ech vun neie Fräihätskiische gebrannt hun, as fir Eech, awer dem Klenen elo (an du weist hën op Eech, Monseigneur), dem gët Dir näischt dervun, weil hën as nach ze jonk!»

Monseigneur, Madame,

Eier éis Grousherzogin Eech den Troun iwerloss huet, huet Si nach gehollef déi nei Musel aweien. Si huet Eech, Monseigneur, d'Rouder vum Staatsschëff an d'Hand gedréckt. Dat Schëff schwëmmt haut net méi esou séier. D'Ländchen as méi roueg gin; grad ewéi éis Musel, déi elo esou gedëlleg déi grouss Schëffer vun där neier Zeit dréit.

Et gët gesot, de Kapitän hätt et elo méi lit säi Schëff ze steieren! Hë bräicht net méi ze dauen an net méi ze zéien.

Monseigneur,

Är Virfueren hu mat vill Geschéck éis Land duerch vill Strengen a Krëmmten op de richtege Kanal dirigéiert. Dir huet Är Schëffsschoul op ville frieme Waasser matgemat. Dir huet an éiser Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte e léiwe Matrous an en dichteg Hellef fir dat Staatsschëff fond. Si as en häerzeg Schëffsfra an en goud Mamm, déi Fräd matt dem Stot a matt de Kanner huet.

Mir sin iwerzäächt, datt Dir zesummen dat Schëff – op dem mir hoffentlech laang mattfueren dërfen – oni Téitschen a Schued an all Hafen erasteiert. Mir sin houfreg, e goude Kapitän ze hun. Mir verspreechen Eech och do ze sin, wann et gëllt, emol eppes Schwéires auszelueden oder méi wäit ze fueren ewéi all Dag.

Réimech as säit alen Zeiten zum Däl e Vollek vu Schëffsleit. Réimech kréit erëm säi klenen Hafen an et soll och spéider elei en internationalen Bootshafen ugeluet gin. Monseigneur, Dir séid an disem Hafen a bäi de Matrousen ronderëm ëmmer häerzlech wëll-komm. Mir sin esouguer berät, Eech en kle Plaz an disem Hafen ze reservéiren. Mir weisen Eech an e puer Minuten, wéi schéin de Sport um Waasser zu Réimech ka sin.

Léif lëtzebuerger Leit,

Wou d'Wéngerten sech am Waasser kucken, do as et schéin. Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit, do hun d'Leit d'Häerz op der Zong. Dofir soen ech nach en Kéier, an ärem Numm, datt mir am Kanton Réimech houfreg a glécklech sin, éis jong Herrscherpuer op disem 13. Juni bäi is ze hun.

Et soll fir is all e Glécksdag sin.

Monseigneur, Madame,

Dir séid is esou léif ewéi éis Wéngerten an éis Musel.

Fir datt disen Dag Eech soll a schéiner Erënnerong bleiwen, iwerrääche mir Eech dis Skulptur vun em Réimecher Kënschtler. De Cado soll Eech an is fir ëmmer nach méi no matenä verbannen.

Ech soen nach en Kéier, am Numm vum ganze Réimecher Kanton, merci fir Äre Besuch a wënschen Eech all Gouds an vill Gléck fir d'Zukunft.

Vive éise Grand-Duc Jean!

Vive éis Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte!

Joseph Altwies



# D'Wënzerin

(La vigneronne)

Skulptur vum Josy Jungblut

# Schëffsmann a Fra

(SCHEFFERKANNER)

Mir Schëffsleit woren extra frou,
Wéi mir op d'Musel konnte kommen,
Well d'Hämecht wor fir ons bal zou,
Mir sin op frieme Flëss geschwommen.

Eis Musel ass méi dichteg gin
A lääft méi roueg ëm hir Kéiren.
Mir aner hun dat gäer gesin,
Well d'Schëffer ons an d'Hämecht féiren.

# Ricciacum

(DALHEIM)

Wéi d'Réimer an ons Gegend kummen,
Du hun si gaangs geduet,
Déi Plaz do bräicht e schéinen Nummen.
Si hun et fäerdeg bruet
En Extra-Numm ze fannen
Un dem se haut nach glannen.

Et huet och guer net laang gedauert,
Du koumen anrer no.
't as net gezéckt gin a gepauert.
Et wore gläich schéi Stroossen do,
Déi bis op Réimech gungen,
Wou du schons Riewe stungen.

# Eise Wäin

(REIMECH)

Kraaft aus onser Hämecht,
Sonn vum Museldall.
Saaft aus viller Aarbecht,
Wëllkomm hei an iwerall!

Treie Frënd am Liewen,
Gold fir arem Leit.
Liewessaaft vun onse Riewen,
Dat de Mënsche Freed bedeit.

# Rhäifrench

(REMERSCHEN)

Ech sin e liichte klenge Wäin,
Dem d'Krunnemécke laachen.
An as mol richt'ge Sonneschäin,
Këmmt och alt gier muench anre schmaachen.

Ech sin e frësche Wäi voll Saaft,
E Männerdronk a fräie Stonnen.
Ech gin dem Alter Mudd a Kraaft,
An heelen och alt soss muench Wonnen.

## Rivaner

(WELLESTEEN)

De Wënzer as mäi gréisste Frënd,
Hie weess mech gudd ze schätzen;
A wann an eng Zort emol verschwënd,
Sin si vu mir um Schwätzen.

Ech wor a kuurzer Zäit bekannt,
Dem Wäifrënd an dem Kenner.
Si gin och haut schons ganz galannt
Matt mir an anre Länner.

## Réisléck

(STADTBRIEDEMES)

Iech zum Wuel a mir zur Eier,
Voller Saaft a voller Kraaft;
Alleguerten zur Pleséier,
Huet den Herrgott mech erschaaft.

Kinnek sin ech vun de Weiner,
Géint all Leed eng Medizin,
Wou huet nach eng Rief Gescheiner,
Déi sou héich am Ruff do stin?

Loosst schéi laang um Läer mech leien,
Loosst mech al an zeideg gin!
Schmaache kënnt dir mech als Neien!
Drénken, wann ech färdeg sin!

## Auxerrois

(BOUS)

Ech sin de beste vun dräi Bridder
An hun e Kierper wéi gedréit.
Ech gin dem Monn net bal zewidder
A schmaachen iech vu fréi bis spéit.

Ech hun en Numm wéi e Gedicht,
Eng gëlle Fuerf voll Glanz.
Am Süden hun si mech gesicht,
Ech gouf eng aartlech Misler-Planz.

## Pinot

(BÜRMERINGEN)

Dir kënnt mer soe watt der wëllt,
Ech sin de Stuel vum Wäin.
Ech hun e Bouquet, den erfëllt
Iech d'Hierz matt purem Sonneschäin.

Als Stéifkand koum ech hei op d'Welt,
Schons dack vu villen net geuecht.
Obschons mäi Wäi ganz gudd gefällt,
Gin ech ganz gier op d'Säit geluecht.

# Rulänner

(LENNINGEN)

Är Dammen man ech léif a wakreg,
Si kréie Baken wéi eng Kiischt.
Si hu kee Lëppestëft méi néideg.
Och hinnen schéngt dann d'Liewe liicht.

Sidd net ëmmer sou presséiert
Fir mech schnell an d'Glas ze krinn,
Ewell meng Bloum, déi profitéiert,
Wann ech al a roueg gin!

# Den Dall

(WALDBRIEDEMES)

De gudden Drauf an d'Kiischt,
Déi schmaachen muenchem Bierger.
A flësseg gin se liicht
E Mëttel géint den Ierger.

Der Musel hire Wäin,
Dem Dall seng kruppseg Kiischten!
Ons béid vill Sonneschäin,
Da kréie mir gudd Friichten.

# Mondorf

Huet de Wäin iech laang geschmaacht
A wëllt der fléck an äerdeg bleiwen;
Huet d'Sonn iech joerelaang gelaacht,
An as e Bobo ze verdreiwen,
Dann as eng Kur zu Mondorf gutt,
Si rengecht äert verdéckte Blutt.

As äere Kierper schwaach a midd,
An dät et wéi, wann dir musst goen,
An huet dir Räissen an all Glidd,
An hätt dir soss nach heemlech Ploen,
Dann as eng Kur zu Mondorf gutt,
Si hëlleft iech, si mécht iech Mutt.



# Schluss

*(Zesummen)*

Vive de schéine Kanton Réimech,
Wou all Joerhonnert Zeien huet.
De Bauer as geschéckt a frëndlech,
De Wënzer och nach net verbruet.
An d'Aarbecht as all Enn beléift,
Ewell de Fläiss nach néirens schléift.
Ons Dire stin iech ëmmer op,
Kommt dir aus Frëndschaft iwwer d'Kopp.

Vive de Kanton Réimech!
Vive onse Grand-Duc Jean!
Vive ons Grande-Duchesse Josephine!
Vive onse Museldall!
Vive ons Heemecht!



Als Erënnerong

Joseph Altwies
Buergermääschter

Will Reuland




Archiv: Motor Yacht Club du Grand-Duché de Luxembourg

IMPR. P. JUNGERS, REMICH